


NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

8/2009

Virwuert



## Léiw Frënn vum Comité Alstad,

Lues awer sécher geet d'Joer 2009 op en Enn a mir bereeden ons op déi kommend Feierdeeg vir. All onse Memberen, Éirememberen, Sponsoren, der geschriwwener a geschwater Presse, de staatlechen an de Gemengeninstitutiounen an de Frënn vun onser Alstad e grousse Merci fir déi moralesch a finanziell Ënnerstëtzung am Joer 2009.

Et ass awer och elo Zäit fir e kuerze Réckbléck op dat vergaangent Joer ze man. Et wor u sech e gemittlecht Joer. Erënnere mer just un ons guttbesichte Generalversammlung an un d'Éimaischen. Net ze vergiessen déi ganz flott Ausstellung "Meng Stad" vum Kënschtler a Member vum Comité Alstad, dem Sergio Di Paoli. Schued wor et, datt mer kuerzfristeg de "4. Aulebäckermaart an der Alstad" hu missen annuléieren, well deen Dag déi traditionell Wuechtofléisung virum Palais wor. Mee dodernieft ass awer vill un onsem Fotoarchiv (gescannt, klasséiert asw.) geschafft ginn, deen zur Zäit em déi 5000 Fotoën zielt, an deen och alle Frënn vun der Alstad zur Verfügung steet. Op däser Plaz deene ville Privatpersounen, déi ons Fotoën zur Verfügung gestalt hunn, en häerzleche Merci.

Mee loosse mer och an d'Zukunft kucken. Dat nächst Joer ass am Abrëll d'Opféierung vum G. F. Haendel sengem Messias op lëtzebuergesch, dann onsen traditionnellen "Ouschtersalon" an d'Éimaischen. Am Juli, fir de 25. Doudesdag vun der Grande-Duchesse Charlotte, wëlle mir am Kader vun enger schéiner Ausstellung un déi Grouss Dame erënneren. Dodernieft prépareiere mir och de 75. Anniversaire vum Comité Alstad am Joer 2012.

Ofschléissend bleift mer nach just Iech, léif Frënn vum Comité Alstad, e besënnleche Chrëschtdag an e gutt Joer 2010 ze wënschen, an datt mer ons bei der enger oder aner Manifestatioun erëmgesinn.

Jean-Mathias GOERENS
*President*

## OPRUFF

Mir sinn derbäi fir e Fotoarchiv opzebauen, a mir wiere ganz frou, wa mir dobäi kéinten op Är Mathëllef zielen.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun onser Alstad. Dat kënnen Architekturfotoë sin oder vu kulturelle Manifestatiounen, natierlech och vun der Éimaischen. Et kënnen och Fotoë si vu sportlechen Evenementer (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn) oder Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hieren Aktivitéiten. Och si mir natierlech intresséiert u Fotoë vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher (Prëssessioun, Kommunioun asw.) oder Fotoë vu Persounen, déi z.B. um Fëschmaart gelieft hunn. Je, mir sichen all Zort vu Fotoën, déi mam Fëschmaart an onser Alstad ze din hunn.

Wann Dir sollt esou Fotoën hunn, wiere mir ganz frou, wann Dir ons déi géift zur Verfügung stellen, fir datt mir dovu kënnen eng Copie machen. Et versteet sech vum selwen, datt Är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt gin, an datt Dir se onbeschiedegt erëmkritt.

Wann Dir ons hëllefe kënnt, oder wann Dir weider Informatioune braucht, da rufft ons einfach un, um Telefon 46 61 88.

Vun däser Plaz elo schons e ganz grousse MERCI fir Är Mathëllef an Är Ënnerstëtzung.

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

# D'PORKIERCH SANKT MÉCHEL

## En DVD iwert Porkierch um Fëschmaart


D'Porkierch Sankt Méchel zielt zwar net zu deene monumentalste Bauwierker vu Lëtzebuerg, gehéiert awer zu deenen eelsten architektoneschen Zeien vun der Lëtzebuerger Kierchegeschicht. Dacks duerch Krich, Feier an Ëmbau zerstéiert, gouf se ëmmer erëm nei opgeriicht, an esou stellt d'Kierch haut en eenheetlecht Gebai duer.

D' Urspréng vun der Sankt Méchelskierch um Fëschmaart gi bis an dat 10. Joerhonnert zréck. Et ass domat déi eelste Kierch vun der Stadt Lëtzebuerg. Si steet um Fëschmaart am Häerz vun der Alstad. Si dépasséiert déi al Wall- a Festungsmaueren, déi haut op der Unesco-Lëscht stinn. Säit dem 27. Mee 1963 ass d'Méchelskierch och als nationalt Monument klasséiert.

Ronderëm d'Kierch mat hirem markante Klackentuerm huet sech am Laf vun de Joerhonnerten dat kulturellt, economescht a sozialt Liewe vun der Stad Lëtzebuerg entwéckelt. Nach haut gehéieren zur Por Sankt Méchel de Groussherzogleche Palais, d'Chamber, d'Geriicht an de Staatsrot.

Am Mëttelalter sinn hei vill Brudderschaften entstaan, déi an der Méchelskierch hire Sëtz haten. D'Membere vun den Zonften hu sech an der Kierch versammelt fir ze bieden an d'Mëss ze feieren. Och haut nach komme féierend Perséinlechkeete vum öffentleche Liewen heihin, fir sech fir hir Aufgaben de Schutz vum Himmel ze froen.

De Comité Alstad a.s.b.l., an Zesummenaarbecht mam Ciné-Vidéo Flash Roeserbann, huet en Dokumentarfilm iwwert d'Méchelskierch realiséiert, dee mir Iech elo als DVD kënnen ubidden. Theme vum Film sinn d'Geschicht, d'Architektur, de Mobilier, d'reliéis Konscht an d'Kierchefënsteren.




Bis den 1. Dezember 2009 kann een den DVD zum Präis vu 15 € (pro Film) beim Comité Alstad bestellen, duerch Iwwerweise vun der entspriechender Zomm op ee vun onse Konten

| | |
|---|---|
| **BGL-BNP:** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

Den DVD kann ee mat lëtzebuergeschem, däitschem, franzéischem oder mat engleschem Commentaire kucken.

# ERËNNERUNG UN ENG GROUSS DAME

Fir de 25. Doudesdag vun onser onvergiesslecher Grande-Duchesse Charlotte préparéiert de Comité Alstad am Juli 2010 eng Ausstellung fir un dës Grouss Dame ze erënneren.

Deen een oder deen anere vun Iech huet nach vläicht Fotoë vun onser Grande-Duchesse Charlotte. Mir wiere ganz frou, wann Dir ons déi géift zur Verfügung stellen. Mir maachen dovun eng Copie an Dir kritt är Originaler selbsverständlech erëm.

**FIR WEIDER RENSEIGNEMENTER TELEFONÉIERT W.E.G. OP DE 46 61 88.**

E ganz grousse Merci elo schonn am viraus.




COLLECTION: COMITE ALSTAD

# E KALENNER MAT 12 FOTOË VUN DER ALSTAD FIR D'JOER 2010

Ouschteren 2008 wor am Konschthaus Beim Engel eng Ausstellung mam Titel « schwaarz a wäiss »: Schwaarz- wäiss Fotoë vun der Alstad. Fotograféiert vum Carlo Didier, vu Beruf Informatiker, passonnéierte Fotograf a Frënn vun der Alstad.

Fir 2010 kënne mer iech e flotte Kalenner mat 12 faarwege Fotoë vun der Alstad ubidden. D'Fotoë sinn och dës Kéier vum Carlo Didier.

Bestelle kënnt Dir de Kalenner 2010 vun elo u beim Comité Alstad duerch Iwwerweisung vun 18 € pro Kalenner op ee vun onse Konten




| | |
|---|---|
| **BGL-BNP:** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

Äre bestallte Kalenner kënnt um Postwee bei iech heem. – Mir wënschen iech vill Freed mat deenen 12 schéine faarwege Fotoë vun der Alstad.

# ENG VUE VUN DER STAD LËTZEBUERG AUS DEM JOER 1835



Vun dëser flotter a méi onbekannter Vue vun der Stad Lëtzebuerg, gemolt vum J. B. Fresez, sinn nach Exemplaire ze kréien.

Et ass eng Vue vun der Stad Lëtzebuerg am Joer 1835 vum Fetschenhaff, vun der Tréiererstrooss aus gesinn. D'Original gëtt an onser Nationalbibliothéik versuergt.

De Faksimile an der Gréisst 30 x 40 cm kascht 20 €. A kann bestallt ginn beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspriechender Zomm op ee vun onse Konten

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **BGL-BNP :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

Vläicht hu mir iech heimat eng Iddi ginn, wann der nach op der Sich sidd fir e schéine Cadeau fir déi kommend Feierdeeg.

Äre bestallte Faksimilé kënnt um Postwee bei iech heem.

# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (8)

ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH
D'FOTOËN SI VUM SERGE DI PAOLI

Laanscht „d'Gëlle Klack" komme mer op d'Virplaz vum Nationalmusée. Mir stinn elo matzen am Häerz vun onser Alstad, op der Fëschmaarter Plaz. Et ass derwäert, datt mer ons nach mat däer Plaz befaassen.


Hei stong d'Gebai vum Provinzialrot a vun der Kanzlei. Wéi Lëtzebuerg eng Grofschaft ginn ass, haten ons Grofen och Beroder, déi si bei wichtege Saachen consultéiert hunn. Awer eréischt an engem netdatéierten Dokument vum Grof Theobald vu Bar a vu Lëtzebuerg, dem éischte Mann vun der Gräfin Ermesinde (1197-1214), gëtt e Rot „prudentum virorum" (Erfuere Männer) ernimmt. Um Ufank vun der Regierung vum Walram vu Limburg, dem zweete Mann vun der Gräfin Ermesinde, gouf e Rot vun zeng Edelleit agesaat. Nodeem d'Burgunder d'Land ageholl haten, gouf de Rot reorganiséiert, grad esou ewéi 1531 ënnert dem Karel V. Aus dem Rot gouf e Provinzialrot, a spéider de Souveräne Rot. Zanter dem Karel V. , deen déi intern Verwaltung vu Lëtzebuerg nei geregelt huet, woren d'Sëtzungen an engem eegene Gebai, an zwar am Provinzialrot um Fëschmaart. D'Gebai vum Provinzialrot wor deemols dat eigentlecht Regierungsgebai fir Lëtzebuerg. Am Provinzialrot wor de grousse Sitzungssall a Schreifstuwwen (haut géife mer Büroe soen) vun den Conseillersën , an an der Kanzlei wore Schreifstuwwen, wou d'Vollek konnt virstelleg ginn. De Provinzialrot huet déi ganz Plaz ageholl an esouguer d' Strooss, duerfir huet se Rue du Conseil geheescht, haut Rue Sigefroi. Wéi grouss d'Gebai vum Provinzialrot eigentlech wor, wësse mer net, et muss awer e groussen Haf gehat hunn. Aus engem Dokument vun 1578 wësse mer, datt e vereedegte Kéiffer do d'Fässer vum Kinnek versuergt huet. Nodeem d' Haus vum Provinzialrot ofgerappt wor, ass eng fräi Plaz entstan, déi ongeféier d'Gréisst hat vum heitege Fëschmaart.

E puer Bemierkungen aus dem 16ten Joerhonnert iwwert d'Plaz: Duerch e Brand an der Méchelskierch gouf net nëmmen d'Kierch zerstéiert, mee och nach 180 Haiser aus der Noperschaft. Datt dat Feier, wat an der Kierch ugaang ass, esou en Ausmooss konnt kréien, hat e puer Ursaachen: d'Haiser wore mat Stréi oder Plakken aus Holz gedeckt, an d'Haiser stonge ganz enk zesumme gedréckt. Op däer anerer Säit huet et och u Waasser an un den néidege Läschinstallatioune gefeelt. Den 22. Oktober 1555 huet de Keeser Karel V. deene geschiedegte Leit d'Steieren nogelooss, fir hinnen den Opbau vun hiren Haiser méi liicht ze man.

Et wor am Joer 1594, wéi deen eréischt nei opgebauten Daach vum Dominikanerklouschter op en Neits duerch e Blëtzschlag ageäschert gouf.

D'Fëschmaarter Plaz am 17. Joerhonnert: - D'Pescht war am ganze Lëtzebuerger Land. Et gouf Hëllef vum Himmel erof geruff. D'Hadrianusprëssessioun, déi haut och nach ëmmer ass, gouf agefouert den zweete Sondeg am September. De Friddensvertrag vu Münster gouf de 5. Juni 1648 op der Plaz feierlech proklaméiert.

1660 wäer d'Stad duerch Verrot bal de Franzousen an d'Hänn gefall. De Proviantmeeschter Pierre Pillard, dee beim Bockfiels e Gaart hat, huet seng



Landsleit vun do aus an d'Festung gefouert. Awer dësen Iwwerfall ass komplett an d' Box gaang. De Pillard ass festgeholl ginn an huet fir säi Verrot deier misse béissen: hien ass zu Bréissel um Gaalge gestuerwen.

D'Plaz am 18te Joerhonnert: – De 16. August 1769 gouf zu Bréissel den Dekret vum Domänen- an Finanzrot ënnerschriwwen, deen der Stadverwaltung vu Lëtzebuerg et erlaabt huet, dat alt Gebai vum Provinzialrot ofzerappen an d'Plaz als Fruuchtmaart ze notzen. An engem Dokument iwwer d'Belagerung vun der Stad steet, den 18. Mee 1795 wier eng Granat op der Fëschmaarter Plaz explodéiert.

**Weider op onsem Trëppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 9**

**Quell: Die Altstadt Luxemburg, Tony Kellen, 1939**



